N°1022
Entrée le 17.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.07.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. Juli 2024

Här Präsident,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An der Vakanzenzäit kennt et leider méi oft vir, dass Leit hir Hausdéieren aussetzen. Laut dem Déiereschutzgesetz ass dat ausdrécklech verbueden a mat héije Sanktioune beluecht. Wien en Déier aussetzt riskéiert eng Prisongsstrof vun 8 Deeg bis 3 Joer an / oder zumindest eng Geldstrof vun 251 Euro, déi awer bis op 200.000 Euro ka goen.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen:

- Wier et an den Ae vun der Madamm Ministesch net sënnvoll, méi systematesch Campagnen ze organiséiere fir d'Leit ze informéieren, wat si maache kenne, wann si zäitweileg keen hunn, deen hiert Déier versuergt? Sollt een an sou enger Campagne net och däitlech maachen, dass een eng seriö Strof riskéiert, wann een en Déier aussetzt?
- Gi systematesch Recherche gemaach, fir d'Proprietaire vun ausgesaten Déieren ze identifizéieren? Wéi oft hunn Déierenasyler et zanter dem Akraafttriede vum Déiereschutzgesetz vun 2018 ausgesaten Déiere mussen ophuelen? Wéi oft koum et an der Zäit zu Plainte géint, respektiv zu Strofe fir Leit, déi en Déier ausgesat hunn?
- Wéi sinn d'Kapazitéite vun den Déierenasyler, fir ausgesaten Déieren opzehuelen?

Mat déiwem Respekt,

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1022 vun der éierewäerter Deputéiert Madamm Claire Delcourt**

**Wier et an den Ae vun der Madamm Ministesch net sënnvoll, méi systematesch Campagnen ze organiséiere fir d'Leit ze informéieren, wat si maache kënne, wann si zäitweileg keen hunn, deen hiert Déier versuergt? Sollt een an sou enger Campagne net och däitlech maachen, dass een eng seriö Strof riskéiert, wann een en Déier aussetzt?**

De Landwirtschaftsministère lancéiert 2x/Joer eng Campagne fir d'Leit iwwer déi Thematik ze informéieren an ze sensibiliséieren, dëst virun der grousser Vakanz a viru Chrëschtdag.

**Gi systematesch Recherche gemaach, fir d'Proprietaire vun ausgesaten Déieren ze identifizéieren? Wéi oft hunn Déierenasyler et zanter dem Akraafttriede vum Déiereschutzgesetz vun 2018 ausgesaten Déiere mussen ophuelen? Wéi oft koum et an der Zäit zu Plainte géint, respektiv zu Strofe fir Leit, déi en Déier ausgesat hunn?**

All Déier gëtt hisiichtlech op eng Identifizéierung kontrolléiert. Wann den Hond oder d'Kaz mat engem Chip identifizéiert an an enger Datebank enregistréiert ass wéi d'Gesetz dat virgesäit, ass de Proprietär iwwert dee Wee ze identifizéieren. Bei Déieren déi net konform zum Gesetz identifizéiert sinn ass et méi schwiereg bis net méiglech de Proprietär ze fannen.

Den Diddelenger Déierenasyl huet zanter 2018 6 Hënn opgeholl fir déi sech kee Besëtzer gemellt huet. Déi aner Déierenasyler keënnen dozou keng genau Angabe machen, och well oft net eendeiteg ze klären ass op d'Déier wierklech ausgesat gouf.

De Landwirtschaftsministère huet keng Donnéeën doriwwer wéi oft et zu enger Plainte an enger Verurteelung koum.

**Wéi sinn d'Kapazitéite vun den Déierenasyler fir ausgesaten Déieren opzehuelen?**

D'Kapazitéit fir ausgesaten Déieren opzehuelen hänkt vun der gesamter Kapazitéit vum jeeweilegen Asyl an der zum Zäitpunkt vum Fanne vum Déier vun de nach fräien Plazen of. Et ginn keng extra Plaze fräigehalen.

Lëtzebuerg, de 13. August 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN